# D’Lëtzebuerger fuerderen, dass méi fir hir Sprooch gemaach gëtt. De Pressecommuniqué am pdf:

Pressecommunique-Wee2050-nee2015-20.9.-Petitioun.pdf (226.6 KiB)

Wee2050 nee2015 Mir sinn déi politesch Mëtt

Pressecommuniqué, 20.9.2016

**D’Lëtzebuerger fuerderen, dass méi fir hir Sprooch gemaach gëtt.**

Dem Lucien Welter seng Petitioun N°698 ass en risegen Erfolleg.
Dëst weist:

- wéi wichteg d’Sprooch fir d’Lëtzebuerger ass.
- dass d’Lëtzebuerger net wëllen dass d’Sprooch verluer geet.
- an dass méi fir eis Sprooch gemaach soll ginn.

Well eis Sprooch ass ëmmer manner präsent am Alldag!

Eng ähnlech Fuerderung hat och de Vusal Gafarov, en Aserbaidschaner, a senger Petitioun virun e puer Méint gestallt, wou hien d’Fro opgeworf huet: Wéi kann ech Lëtzebuergesch léieren, wann d’Sprooch net präsent ass a mengem Alldag?

Dëse formidabele Succès vun der Petitioun kënnt net vu näischt. De Wee2050-Nee2015 setzt sech säit méi wéi engem Joer mat den Themaen Sprooch a Wuesstem auserneen. Mir hunn d’Petitioun vun Ufank u gezielt ënnerstëtzt an et fäerdeg bruecht direkt am Ufank Leit ze mobiliséieren fir ze ënnerschreiwen. Wäit méi wei 100.000 Leit hunn eisen Opruff op Facebook gesinn.

Mir hoffen dass d’Parteien och waakreg gerëselt ginn a kloer an däitlech erklären wat fir Aktiounen, a net nëmmen Aussoen, se maache wëllen, fir der Lëtzebuerger Sprooch méi Präsenz a Wichtegkeet am Alldag ze ginn.

Den typeschen Lëtzebuerger Pragmatismus an d’Méisproochegkeet sollen natierlech och berécksiichtegt ginn.

d’Initiativ Wee2050 - nee2015
Mail: kontakt@nee2015.lu

(Hei ënnendrënner stinn eis Zieler wat d’Sprooch betrëfft.)

**1. D'Lëtzebuerger Sprooch ass déi gemeinsam Sprooch vun alle Lëtzebuerger an duerfir essentiell fir eng voll Integratioun.**

1.1. Géint en Erofsetzen vum Sproocheniveau fir déi duebel Nationalitéit.
1.2. Vereinfachungen vun de Prozeduren fir d'Nationalitéit ze kréien fir déi Auslänner, déi Lëtzebuergesch kënnen.
1.3. Eng besser Integratioun duerch méi Sproochecoursen.
1.4. Organisatiounen, déi sech fir d'Integratioun asetzen, ënnerstëtzen.
1.5. Méi Ënnerstëtzung fir d'Veräiner, déi eng wäertvoll Integratiounsaarbecht maachen mat auslännesche Kanner a Jonken.

**2. D'Lëtzebuerger Sprooch muss nees vill méi präsent sinn am Alldag.**

2.1. D'Lëtzebuerger Sprooch muss prioritär präsent sinn op den Internetsäiten vu Gemengen a Staat, Stroosseschëlter a Panneauen.
2.2. D'Lëtzebuerger Sprooch soll op EU Niveau unerkannt ginn.
2.3. D'Verfassung soll op Lëtzebuergesch sinn an d'Gesetzer sollen sou wäit wéi méiglech och op eng aner Sprooch iwwersat ginn.
2.4. Datt een hei am Land liewen a schaffen kann mat Däitsch oder Englesch ouni zwéngend Franséisch mussen ze kënnen (All Formulairen vun den Administratiounen sollen och op Lëtzebuergesch oder Däitsch zur Verfügung gestallt ginn, déi wichtegst och op Englesch). Sou kéinten d'Auslänner sech éischter op déi Lëtzebuerger Sprooch konzentréieren.
2.5. D'Lëtzebuerger Kultur (Konscht, Traditiounen, Geschicht, Patrimoine) muss gefërdert ginn.

**3. De lëtzebuergeschen Schoulsystem muss als beschten Integratiounswee promovéiert ginn.**

3.1. Den auslänneschen Matbierger kloer maachen dass hir Kanner nëmmen a lëtzebuergeschen Schoulen voll integréiert ginn.
3.2. Lëtzebuergesch muss an allen staatlech ënnerstëtzten Schoulen zu Lëtzebuerg, wéi de Lycée Vauban oder ISL (International School), ugebueden ginn.
3.3. An de staatlech ënnerstëtzten Crèchen muss Lëtzebuergesch geschwat ginn.
3.4. Am Précoce an an der Spillschoul soll d'Férderung vum Lëtzebuergeschen am Mëttelpunkt stoen a keng weider Friemsproochen geléiert ginn.